ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. September 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Hären Baussen- a Wirtschaftsminister an un d'Staatssekretärin fir Wirtschaft weiderzeleeden.

An den internationale Medie gëtt behaapt, eng grouss lëtzebuergesch Gesellschaft, déi haaptsächlech am Beräich vun de Super-Marchéen an der Alimentatioun aktiv ass, géing zënter kuerzem eng Rei vu Produkter boykottéieren, déi aus Israel kommen. Dës Decisioun wär ënner dem Drock vun enger pro-palästinensescher Associatioun zustan komm, a betraff wären haaptsächlech Produiten aus de besate Gebitter an dem West-Jordan.

Dowéinst wollt ech den Häre Ministeren an der Madame Staatssekretärin dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung Informatiounen iwwer Boykott-Decisioune vu lëtzebuergeschen Entreprisë géint Produiten aus Israel oder dem West-Jordan-Land? Wa jo, wéi eng? Ass d'Regierung an där Fro a Kontakt mat den israeleschen Autoritéiten?
2. Wéi stellt sech d'Regierung zu Boykott-Moossname vu privaten Entreprisen, déi Produiten aus Israel, respektiv aus dem West-Jordan-Land betreffen?
3. Ass d'Regierung sech bewosst, datt esou anti-israelesch Moossname bei villen vun eisen Haapthandelspartner extrem negativ Konsequenzen op den Image vun eisem Land hunn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten